

Schäfferotserklärung 2017-2023

Stellungnam vum JemP Weydert, déi gréng

Här Buergermeeschter,
Dir Dammen an Hären,

Mir hate wierklech gehofft Här Buergermeeschter, de Stil vun den Diskussiounen géif sech no Ärer Schäfferotserklärung änneren. Den éischten Androck no dem Här Feller senger Interventioun weist awer éischer dohinner, dass et am haarden Toun weider geet ...

Elo zu de Fakten.

Fir d'Gemengewahle vum 8. Oktober 2017 waren zu Mamer 4 401 Wielerinnen a Wieler ageschriwwen. Dat sinn der 413 oder 10,4% méi ewéi 2011.

D'Bevëlkerung ass am gläichen Zäitraum ëm genau 19% gewuess: vu 7 700 op 9 165 Awunner. Nach just knapp all 2. Awunner an der Gemeng ass deemno wahlberechtigt (genau 48% vun der Bevëlkerung).

Den 8. Oktober goufen zu Mamer 44 040 gültig Stëmme ofginn. Dat sinn 77% vum theoretische Maximum ($4\,401 \cdot 13 = 57\,213$ Stëmme). 23% vum Wahlrecht gouf also net genotzt - op ënnerschiddlech Aart a Weis: déi eng gongen net wielen, déi aner hunn e wäissen oder en ongültege Wahlzettel ofginn oder manner ewéi 13 Kräizer op de Bulletin gemaacht.

Mir hunn e Problem mat der Wahlbedeelegung!

Wann ech dann nach d'Reaktiounen kucke vu ville Leit déi ech ugeschwat hunn fir eng eventuell Mataarbecht oder Kandidatur – an déi Impressiounen goufe mir vun aner Leit, och aus anere Parteien bestätegt - da kommen ech net derlaanscht festzustellen, dass et offensichtlech eng grouss Diskrepanz gëtt tëschent eiser reeller Funktioun hei am Gemengerot an der Vue vun dëser Funktioun dobaussen.

Duerfir ass dës Gemengerot (an d'Politik am allgemengen) gefuerdert, dat Lach do ze stoppen. Mat **méi a besserer Informatioun**, virun allem awer mat **méi Offerten u reeller Bierger-Bedeelegung op alle Pläng: an de Kommissiounen, bei de Projeten** asw.

E positive Punkt gesinn ech trotzdeem. Mir wielen zu Mamer nom Proporzsystem, an dat baséiert op Lëscht mat engem Programm. D'Ausschaffe vun engem kohärenten Programm ass net trivial. Mee et ass a mengen Aen ee vun den *Highlights* vun der Gemeindepolitik. An dat ëmsou méi, wat sech méi Leit dru

bedeelegt hunn. Den 8. Oktober hu vill méi Wieler ewéi soss d'Lëschte gestëmmt an domatter eise Proporzsystem gestärkt.

Goufen 2017 insgesamt 11,9% méi Stëmmen ofginn ewéi 2011, esou huet d'Zuel vun de Lëschtestëmmen ëm 32% zougeholl ! D'Eenzelstëmmen hu gläichzäiteg liicht ofgeholl. Fir d'Éischt zanter laangem, goufen domatter nees méi Lëschtestëmmen ofginn (50,9%).

| Elections communales MAMER | 2011 | % | 2017 | % | var.% |
|----------------------------|---------------|-------|---------------|-------|-------------|
| Suffrages de liste | 16 965 | 43,1 | 22 399 | 50,9 | 32,0 |
| Suffrages nominatifs | 22 405 | 56,9 | 21 641 | 49,1 | -3,4 |
| Total suffrages | 39 370 | 100,0 | 44 040 | 100,0 | 11,9 |

déi gréng goufen den 8. Oktober eng weider Kéier gestärkt! Dat freet eis natierlech - ganz besonnesch no deene 6 leschte Joren. Mir soen eise Wielerinnen a Wieler duerfir vun dëser Plaz aus nach eng Kéier **Merci**.

déi gréng konnte bei de Lëschtestëmme 54,8% derbäi gewannen a sinn déi eenzeg Partei, déi den 8. Oktober keng Eenzelstëmme verluer huet - an dat mat gläich 8 neie Kandidatinnen/Kandidaten an 2 Net-Lëtzebuerger.

Aus gesondheetleche Grënn wollt d'Nancy Brosius sech net méi der Wahl stellen. Mir soen him vun dëser Plaz aus Merci fir säin Asaz am Déngscht vun der Gemeng a wënschen him fir d'Zukunft all Guddes.

D'Edmée Blesch-Glangé hat dowéinst dem Adèle Schaaf-Haas, als nei Kandidatin, proposéiert fir hir Plaz als Spëtzekandidatin anzehuelen an esou méi Chancen ze kréien, fir dem Nancy säi Sëtz am Gemengerot erëm ze gewannen. Dat huet perfekt geklappt! Géifen déi aner Parteien och esou virgoen, dann hätte mir wahrscheinlech méi Fraen am Gemengerot.

Der Madame Besch-Glangé hir konstruktiv an oneegenotzeg Proposition gouf vun déi gréng no breeder Diskussioun eestëmmeg ugeholl. Mir si wéi nach all Kéier als geschlossen Equipe an d'Wahle gaangen. Leider hunn eenzel Candidate vun enger anerer Lëscht dës Decisioun esou duergestallt, ewéi wann déi gréng d'Madame Besch ofseeë wëllten (sic). Ech fannen, dat war net de Ball gespillt!

Mat 26,21% si mir elo déi 2.stärkst Fraktioun am Gemengerot an de Gewënner vun de Wahlen zu Mamer. Just d'DP konnt och derbäi gewannen (+0,58%). D'Majoritéitsparteien hunn zesummen 3,68% verluer.

Här Buergermeeschter, mir sinn net averstane mat Ärer Ausso, dass de "Wahlgewënner (...) an engem Proporzsystem nach ëmmer déi sëtzméisseg stärkste Fraktioun" wier. Well da wier jo an der Stad d'DP de Wahlgewënner, an net d'CSV (an déi gréng).

Mir sinn awer dermat d'Accord, dass déi stärkste Fraktioun no de Wahlen d'Initiativ fir Sondéierungsgesprécher mat de méigleche Koalitiounspartner

huele soll. Blouss, d'CSV huet dat net gemaacht. Weder 2017 nach 2011 nach 2005. Déi gréng waren all Kéier bei de Gewënner, mee goufen nach ni vun der CSV fir Gespréicher kontaktéiert.

Bei den Einzelstëmme schéngen déi austriedend Membere vum Schäfferot e Bonus vu 600 bis 1000 Stëmme op déi aner Gemengerotsmemberen ze hunn. Trotz ënnerschiddleche perséinleche Resultater gouf d'Reiefolleg am Schäfferot bestäegt. An esou kann een Är Conclusioun an deem Punkt verstoen: **“De Wieler wollt (...) Kontinuitéit.”**

Jo, mee leider krut de Wieler dës Kontinuitéit awer net! Bei de Wahle gouf de Luc Feller gestärkt. Hien ass esouguer deen eenzege Member vum ale Schäfferot deen Einzelstëmme bäikrut. Mee schonns um Owend vum 8. Oktober wollt hien net méi.

Dem Wieler géintiwier wier et fair a loyal gewiescht, dës perséinlech Decisioun VIRUN de Wahle matzedeelen? An och dem Marcel Schmit géintiwier wier et méi fair gewiescht. Hien huet viru 6 Joer säi Posten am Schäfferot missen opgi well hie 94 Stëmme manner hat ewéi den Här Feller. An elo muss hien d'Relève huele mat 529 Stëmme manner.

An de leschte Méint goufe mir nawell vu ville Leit gefrot, ob dee Poste vum Haut-Commissaire à la Protection nationale iwwerhaupt kompatibel wier mat engem Posten am Schäfferot. Munch Jurist hat do seng staark Bedenken. An et gouf dorops higewisen, dass all déi direkt Ennerstallte vum Haut-Commissaire keen esou e Posten un huelen däerfen.

Mee ob Incompatibilitéit oder beruflech Iwwerlaaschtung – an engem Joer weess de Wieler vläicht méi an dëser Fro!?

Och de Schäfferotsprogramm gëtt als e Programm vun der Kontinuitéit presentéiert. Wann deem esou ass, da mussen déi gréng dergéint stëmme, well mir sinn an d'Wahle gezu fir e politesche Wiessel a wichtege Beräicher erbäi ze féieren.

Schonns an hire Walprogrammer hunn d'Majoritéitsparteien esou munch Projeten opgeholl, déi si déi lescht Joren am Gemengerot zum Deel strikt ofgelehnt haben. Mir hunn eis d'Méi gemaacht fir ze kucken, wou et weider geet ewéi bis elo, a wou e Changement ugekënnegt gëtt.

Weider wéi bis elo

E puer Beispiller:

· *“De Schäfferot ass gewëllt, dem ganze Gemengerot eng loyal a konstruktiv Zesummenaarbecht unzebidden.”* Dat stoung nach an all Schäfferotserklärung déi

ech zanter 2000 presentéiert krut. Mee et ass ëmmer bei de Wieder bliwwen. Zum Beispill 2011, wou de Gemengerot duerno iwverhaapt net an d'Revisioun vum PAG agebonne gouf.

- De staarke Wuesstem vun 3% a méi soll bleiwen. Nei ass d'Begrënnung: d'Regierung géif vun der Gemeng esou een Awunnerwuesstem "*fuerderen*". "*Absolute Quatsch*", sot eis e Regierungsmember op Nofro. Et gëtt keen Zwang fir d'Gemenge wat d'Wuessen ugeet. D'Gemengenautonomie gëllt och weider an dësem Punkt! An d'Gemeng Mamer soll CDA gi wéinst der fräiwëlleger Wuesstemspolitik vun dëser Majoritéit an all deene leschte Joren.
- De Verkéiersproblem gëtt weider haaptsächlech op den nationalen Niveau ofgedréckt. Eng "*Stéchstrooss – vun der Kaercherstrooss op der Cap (Héicht Cité Kurt) un d'Autobunn (Héicht Bauhaus)*" soll duerch d'Gréngs gebaut ginn. An eisen Ae riskéiert dës Strooss nach méi Verkéier vun der Autobunn an d'Kaercher Strooss a ggfs och an d'Cité Kurt unzezéie wéi dat haut schonns de Fall ass.
- Et ass och nach ëmmer keng kohärent Vue vun der Mobilitéit ze erkennen. D'Hierarchie am Stroossennetz ergëtt Sënn! Well soss fuere mir iergendwann iwverall mat 30, oder 130. Wat mécht e Shared-space an enger Sakgaass oder niewent engem Turbo-Giratoire, wéi op der Cap vum Schäfferot ugekënnegt? An eisen Ae sollt do prioritär d'Kräizung rue de la Gare – rue du Kiem eng Verkéiersberouegung kréien. Wann een an engem klengen Lotissement mat 4 Haiser Trottoire wollt aus Sécherheetsgrënn – firwat déi dann op enger Nationalstrooss ewech huelen? Mir sinn oppe fir är Erklärungen.
- Iwwert de Vélo als Transportmëttel gouf sech nach net vill Gedanke gemaacht am Schäfferot, déi lescht 18 Joer. Wéi ass et soss ze erklären, dass elo emol Etüde gemaacht gi fir Vélosweeër, déi schonns 2005 an äre Wahlprogrammen ugekënnegt goufen? Wéi wëll Dir de Véloswee "*iwwert d'Faulbach*" realiséieren? Firwat si Dir dergéint fir a gewësse Stroossen mat *Sens unique* dem Vélosfuerer ze erlaben *à contre-sens* ze fueren? Wéi dës Moosnam, déi sech am Ausland als äusserst sécher erweisen huet, virun 10 Joer an der Stad agefouert gouf, sinn är Parteikollegen dergéint Stuerme gelaf. An der Tëschenzäit geet hinnen den Ausbau vun der *Mobilité douce* net schnell genuch.
- Den Naturschutz spillt weiderhi keng grouss Roll. D'Wuert "Natur" kënnt op deenen 12 Säite just eng eenzeg Kéier vir: "*D'Kooperatioun mam Naturschutzsyndikat SICONA gëtt fir lokal Projeten ausgebaut.*" Aner Theme gi méi konkret behandelt. An dobäi hu mir an eiser Gemeng eng ganz Rei wäertvoll Biotopen, wéi den "Engelsratt" op der Cap oder "Eelbert" beim Lycée, déi onbedéngt erhalen a valoriséiert musse ginn.
- Flott, dass keng allgemeng Iwwerwaachung mat Kameraen am Park Brill agefouert gëtt!

...

E puer nei Momenter

- Beim PAG *“kënnt et zu kenger gréisserer Bauflächenerweiderung bis 2023. Et gëtt prioritär noverdicht.”* Tipp top! Aktuell huet ronn en Drëttel vun de Proporzgemengen en approuvéierten neie PAG. Dat ass net wéineg. Allerdéngs stelle mir zu Mamer fest, dass oft nogebessert muss ginn. Mir verstinn och net, wisou op enger Plaz fir en Ee-Familljen-Haus fir d'éischt eng *Modification ponctuelle* vum PAG an dann e PAP gemaacht muss ginn, während op enger aner Plaz 32 Wunnenge kënne gebaut gi mat just enger Baugenehmigung.
- Endlech sollen elo *“(Gemengen) eege Sozialwunnéngé”* gebaut an *“u Jonker an Elengerzéier verlount”* ginn. Déi gréng sinn derbäi!
- *“Eng staark Nofro fir Seniorewunnéngen”* gëtt diagnostizéiert. Déi gréng hunn dës Nofro schonns méi laang festgestallt a Projete proposéiert.
- *“Eng verstärkte Verkéierssécherheet”* soll elo och systematesch vun der Gemeng ëmgesat ginn. Déi gréng erkennen hir Proposen erëm. Mir vermessen allerdéngs e Projet fir baulech Moosnamen iwwert d'ganz Gemeng. Fir eis steet nämlech d'Präventioun virun der Repressioun!
- *“Ee reforméiert Verkéierskonzept fir eis Gemeng soll bis Summer 2018 virleien.”* *“Et gëtt eng nei Mobilitéitskommissioun geschaf.”* Endlech! - soe mir dozou. *“Zesumme mat Schäfferot an engem Verkéiersbureau (soll) e modernt Mobilitéitskonzept (ausgeschafft ginn) mat verstärktem Akzent op öffentlechen Transport, Mobilité douce, Verkéiers-an Parkleitsystem.”* Sinn dat zwee verschidde Konzepter? Huet d'Mobilitéitskommissioun näischt mam Verkéierskonzept ze dinn? Déi gréng plädéiere fir eng breet Diskussioun, e realistesch Zäitplang a konsequent Moosnamen.
- Et sollen endlech Leit agestallt gi fir mat de Konsequenze vum Wuesstem Schrëtt ze halen. Eis Ried!

...

Wat feelt

Virun allem:

- **Eng effektiv a frízäiteg Biergerbedeelegung**, professionell begleet, net mat Kommunikatiouns-Experte fir Decisioune besser ze verkafen, mee mat Mediateuren déi hëllef fir an engem konstruktive Prozess zu bessere Léisungen ze kommen, notamment bei de Projete fir d'Erneierung vun den Duerfzentren! Erlaab mir do e perséinlecht Uleies, wat natierlech och fir meng zwou Kolleginne

gëllt, nämlech d'Holzemer Plaz zesumme mat de Leit méi lieweg ze gestalten an dem Gedanken un d'Resistenz déi verdéngten Opmierksamkeet ze schenken.

· **D'Gemengerotssëtzunge méi transparent maache fir de Bierger:** mat Livestream, neutrale Berichter a sachlechen Diskussiounsbeiträg am Gemengebuet an op Mamer-TV.

· **Fotovoltaik-Gemeinschaftsanlagen op deene villen Diech vun de Gemengegebaier.** D'Wahlplakater vun der CSV hunn eis jo d'Dimensiounen vun deene fräie Flächen op de Schoule bewosst gemaacht. Wann een als Gemeng Virreider bei der Elektromobilitéit wëll sinn, da muss een och massiv an d'Produktioun vun erneierbarer Energie aklammen. Wann de Marco Schanck bei der Regierung eng verstärkten Abannung vun der Zivilgesellschaft an de Klimaschutz freet – hei ass e ganz konkret Beispill wéi dës Kooperatioun an der Gemeng Mamer geschéie kënnt.

Wéi de Bertrand Piccard vu senger Rees mam Solar-Fliger ronderëm d'Äerdkugel erëm war, huet him e.a. och dat däitscht *Bundeswirtschaftsministerium* felicitéiert: *“Die Reise liefere ein faszinierendes Beispiel für eine erfolgreiche Wende hin zu 100 Prozent erneuerbaren Energien.”* Kommt, mir paken et un!

Conclusioun

Eng Politik vum staarke Wuesstem an en etlech oppe Froen op där enger Säit, eng Rei ugekënnegt Changementer an der Politik an ënnerstëtzenswäert Projeten op där aner Säit – déi gréng wäerten sech beim Vott iwwert d'Schäfferotserklärung enthalen.

Dës Enthaltung, an eis Remarquen a Propositionen sinn als konstruktive Beitrag zur Gemengepolitik ze verstoen.

Mir hoffen, dass de Schäfferot senge Wieder dës Kéier Dote follege léisst, an dass de Gemengerot, an och d'Kommissiounen, déi nächst Joer mat Zäit an d'Diskussiounen agebonne ginn, an net eréischt wann alles gelaf ass. Well Diskussiounsstoff gëtt et nach genuch, bei ville vun de Projeten!

A mir verfollegen och gespaant, ob de Gemengerot d'nächst Joer endlech nees ënner normale Konditiounen schaffe kann.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.